Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Februar 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Esou wéi rezent an der däitscher Presse ze liese war, huet eis Nopeschland wärend dem vergaangene Joer ronn 528 Milliounen Euro u Kannergeld an d'Ausland iwwerwisen. Hei handelt et sech an der Reegel ëm d'Kanner vun Elteren, déi am Kader vum EU-wäiten Zougang zum Aarbechtsmarché an Däitschland enger sozialversécherungsflichteger Aarbecht noginn, wärend hir Famill awer am Hierkonftsland wunnt.

Och zu Lëtzebuerg hu mir scho wéinst de Frontalieren ganz vill Leit um Aarbechtsmaart, deenen hir Kanner am Ausland wunnen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Finanzminister gär dës Fro stellen:

1) Kann den Här Finanzminister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert wéi vill Kannergeld jeeweils a wéi ee Land iwwerwise gëtt a fir all Land d'Zuel vun den Empfängerstéit souwéi der Zuel vun de Kanner preziséieren?

Mat déiwem Respekt,

Keup

Fred Keup
Deputéierten